

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Bei Gruewungen am Gronn si viru Kuerzem Iwwerreschter vun der eelster Porkierch an der Geschicht vun der Stad Lëtzebuerg fonnt ginn, der St.-Ulrich-Kierch. Dës Kierch staamt warscheinlech aus dem 11. Joerhonnert an ass mat Deeler vun der aler Stadmauer dee spektakulärsten archeologesche Fund, dee säit 2020 an der Haaptstad gemaach gouf. Trotzdeem maache sech Denkmalschützer Suergen ëm d'Zukunft vun dësem historesche Fund, well d'Stad Lëtzebuerg op dëser Plaz eng Zone de récréation plangt.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Kulturministesch:

- 1) Ginn et schonns Gespréicher tëscht dem Staat an der Gemeng Lëtzebuerg, wat d'Zukunft vun den Iwwerreschter vun dëser Kierch ugeet?
- 2) Wéi steet d'Madamm Minister zu deene mentionéierte Pläng vun der Stad Lëtzebuerg, déi bis elo keng Prioritéit fir d'St.-Ulrich-Kierch virgesinn, obschonns dës Kierch an der geschützter Zon vum Patrimoine culturel mondial vun der Unesco läit?
- 3) Ginn et Iwwerleeunge vun der Regierung, sech am Hibleck op d'St.-Ulrich-Kierch mat Denkmalschutz-Organisatiounen un een Dësch ze sëtzen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup  
Deputéierten